Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung & Wirtschaft weiderzeleeden.

Op de soziale Medien hunn an der leschte Méint eng Rëtsch Läit annoncéiert, dass hiert Hausdéier – meeschtens sinn et Hënn – Affer vun enger mutwëlleg erbäigefouerter Vergëftung ginn ass, well onbekannt Persoune mat Rategëft preparéiert Fleeschköderen a Gäert oder op ëffentleche Platzen ausgeluecht hunn, mam Zil, dass d'Déier de Köder frësst. Tatsächlech sollen och schonns e puer Déieren doduerch gestuerwe sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung esou Fäll confirméieren? Falls jo, wéi vill Fäll sinn an de leschten 5 Joren bekannt ginn?

2. Wéi vill Mol goufen d'Täter vun esou enger Aktioun erwëscht a veruerteelt?

3. Wat kéint een der Regierung no ënnerhuelen, fir ze verhënneren, dass Déieren mutwëlleg vu Persounen vergëft ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député